N°3575
Entrée le 03.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°3575 vum 30. Januar 2026 vun den éierewäerten Deputéierten Claire Delcourt a Ben Polidori**

- **Wéi evaluéiert d'Regierung d'Gesondheetsrisike, besonnesch fir kleng Kanner, am Kader vun enger laangfristeger Expositioun un Pestizid-Cocktails, déi an der Etüd ervirgehuewe gouf?**

D'Regierung baséiert sech op déi an der EU zougeloosse Réckstänn vu Planzeschutzmëttel, déi och zu Lëtzebuerg strikt iwwerwaacht ginn. Déi offiziell Analysen hunn an de leschte 15 Joer keng Iwwerschreidung vun dëse Limite bei Äppel erginn (eng Äppelprouf - net aus Lëtzebuerg - war net konform wéinst enger ze héijer Belaaschtung mat Triadimenol am Joer 2010). D'Autoritéiten ënnersträichen, datt di Grenzwäerter keng toxikologesch Referenzwäerter sin, mee op Basis vun enger gudder landwirtschaftlecher Praxis erstallt ginn (GAP – good agricultural practice). Eng Iwwerschreidung vun dëse Limite géif also na net onbedéngt bedeiten, dass e Risiko fir d'Gesondheet besteet. Liewensmëttel déi den EU-Normen entsprieche kënnen ouni Risiko konsuméiert ginn.

D'Thema vum kumulative Cocktail-Effekt vu Réckstänn – besonnesch fir kleng Kanner – ass eng wëssenschaftlech Erausfuerderung, déi op EU-Niveau nach net komplett ofgedeckt ass. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dowéinst di weider Entwécklunge vun transparenten a wëssenschaftlech fundéierte Methoden, fir d'Gesondheet vun de vulnérabelste Gruppen nach besser ze informéieren an ze schützen.

- **Ënnersicht d'ALVA oder soss eng Lëtzebuerger Autoritéit d'Toxicitéit vun esou genannten „Pestizid Cocktailen"?**

Zu Lëtzebuerg gëtt et keen nationaalt Risikobewertungsinstitut, wéi zum Beispill an Däitschland (BfR) oder an Holland (RIVM). Lëtzebuerg orientéiert sech also haaptsächlech un den Etudë vun der EFSA. An Europa féiert d'EFSA zanter Jore kumulativ Risikobewäertungen duerch, déi gemeinsam Wierkmechanismen an additiv Effekter berücksichtegen an als Referenz fir all europäesch Liewensmëttelautoritéiten déngen. D'Methodologie muss och esou ugepasst ginn, datt si fir eng progressiv Notzung am Kader vum Risikomanagement géeegent ass. Dëse Projet gëtt vu Lëtzebuerg an den Aarbechtsgruppen zu Bréissel mat suivéiert.

- **Wéi eng Pestizide ginn zu Lëtzebuerg am heefegste matenee benotzt? A ginn et Mëschunge vu Pestiziden déi net zougelooss sinn?**

Am SER ginn op Basis vu Buchführungsdonnéeën (d.h.: akaafte Produit & Quantitéit, Zäitpunkt vum Akaf, Stock, gesprëtzte Kultur & ha), Schätzunge gemaach vun de Wierkstoffer déi op eng jeeweileg Kultur ausbruecht gi sinn. Et ginn awer keng Informatioune wéi, zu wéi engem genauen Zäitpunkt oder iwwert di eenzel Parzellen op déi e Produit ausbruecht ginn ass. Dofir ass keng Ausso méiglech wéi eng Pestizide matenee benotzt ginn.

Bei bestëmmte Wierkstoffer ass an de jeeweilege Sprëtzmëttelzouloossungen virgeschriwwen, datt de Wierkstoff just maximal eemol – oder eng aner definéiert Heefegkeet oder Quantitéit - op der nämmlechter Fläch oder Kultur dierf benotzt ginn. Doduerch kënne Mëschunge vun dëse Sprëtzmëttel indirekt verbuede sinn. De Grond heifir ass net de Konsumenteschutz mee z.B. de Schutz vun der Ëmwelt.

- **Wéi eng Moossname plangt d'Regierung, fir d'Belaaschtung duerch Pestizidréckstänn an Uebst a weidere Liewensmëttel ze reduzéieren?**

D'Regierung ass à priori ëmmer en faveur d'Grenzwäerter fir Réckstänn vu Planzeschutzmëttel an de Liewensmëttel ze senken. Dëst passéiert an den entspriechenden Aarbechtsgruppen zu Bréissel.

Ausserdeem gëtt et op nationalem Niveau zum Beispill d'Fërderung vum integréierte Planzeschutz a Subventiounsprogrammer fir e reduzéierte Gebrauch vu Planzeschutzmëttelen.

Hei gëllt och ze bemierken dass zum Beispill am Uebstbau am Joer 2024 insgesamt 89 vun 198 Hektar Flächen ouni den Asaz vu Fungiziden an Insektizide bewirtschaft – dat entsprécht bal der Hallschent vun der gesamter Uebstbaufläch.

Zousätzlech ass zanter 2016 den Asaz vu Planzeschutzmëttelen an der lëtzebuergescher Landwirtschaft insgesamt ëm méi wéi 50 % reduzéiert ginn.

- **Ginn et konkret Initiativen, fir d'Eltere wéi och d'Crèchen, Spideeler an Altersheemer besser ze informéieren a z'ënnerstëtze bezüglech der Wiel vu gesonden a manner belaaschten Uebst an Liewensmëttelproduiten?**

Uebst a Geméis, dat am Aklang mat der gülteger europäescher an nationaler Legislatioun op de Marché bruecht gëtt, gëllt per Definitioun als sécher a fërderlech fir d'Gesondheet. Déi obligatoresch Etikettéierung vu Liewensmëttel stellt sécher, datt Konsumenten iwwer all relevant Informatioune verfügen, fir e fundéierten a bewosste Choix ze treffen, dee mat hiren individuelle Präferenzen an Iwwerzeegungen iwwereneestëmmt.

Et ass ubruecht, d'Belaaschtung mat Pestiziden duerch Liewensmëttel besonnesch wärend der Schwangerschaft an an der fréier Kandheet esou wäit wéi méiglech ze limitéieren, fir eng optimal Gesondheetsentwécklung an dëser wichteger Liewensphas ze ënnerstëtzen.

D'Gesondheetsdirektioun informéiert d'Populatioun zu dësem Thema iwwer verschidde Guiden a Broschüren, ënner anerem :

- An der Informatiounssektioun vum Carnet de maternité[1],
- Am Guide fir Crèchen, deen de Moment finaliséiert gëtt,
- Souwéi an der Campagne „1000 premiers jours", déi aktuell ausgeschafft gëtt.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

---

[1] https://santesecu.public.lu/dam-assets/fr/publications/c/carnet-maternite-2022/carnetdematernite-partie-informations.pdf